LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 13 novembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 07:26, 16/11/2020

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, à la question parlementaire urgente n°3111 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER au sujet d'une fuite d'informations auprès du Service de Renseignement de l'Etat.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire urgente n°3111 du 9 novembre 2020 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Premierminister, Staatsminister, op déi dréngend parlamentaresch Fro n°3111 vum 9. November 2020 vum Här Deputéierten Fernand KARTHEISER.**

Enn Abréll 2020 huet e Staatsbeamten via Email eng spontan Kandidatur beim Service de Renseignement de l'Etat (SRE) gemaach. Dëse Staatsbeamten krut deen nämlechten Dag eng Äntwert vum Service des Ressources humaines vum SRE ob seng Kandidatur mat der Informatioun datt all fräie Posten wéi bäi all aner Administratioun och um Site www.govjobs.lu publizéiert gëtt, an datt all Vacance de poste am SRE exklusiv iwwert déi offiziell Prozedur, also via eng Kandidatur op www.govjobs.lu, besat gëtt.

Ugangs Mee 2020 huet dee selwechte Staatsbeamten sech beim SRE gemellt am Kader vun engem fräie Posten deen awer net senger Karrière entsprach huet. De Kandidat krut och hei erkläert, datt seng Demande aus deem Grond net recevabel wier. Hien huet doropshin eng Lettre de motivation a säi Liewenslaf un den SRE geriicht.

Ugangs Juni 2020 kontaktéiert dee selwechten Staatsbeamten den SRE ob en Neits a behaapt hien hätt eng Lëscht zesummegestallt mat den Mataarbeschter vum SRE. Hien huet uginn, den Accès op den internen informatesche Réseau vum Staat, deen him just wéint sénger Aktivitéit als Staatsbeamten zur Verfügung steet, genotzt ze hunn fir eng detailléiert Recherche ze maachen mam Zil, d'Matarbechter vum SRE z'identifizéieren. Hien huet uginn, mat där Aktioun beweisen ze kënnen, datt hien déi néideg Qualitéiten hätt fir beim SRE ze schaffen.

Am Kontakt mat deem Staatsbeamten ass kloer ginn, datt et sech bei enger Rei Nimm, déi hee mat sénger Recherche identifizéiert huet, effektiv em Matarbechter vum SRE handelt. Bei aneren Nimm, déi heen als Beispill genannt huet, war dat net de Fall.

D'Direktioun vum SRE, déi zäitgläich och de Premierminister an den Délégué au SRE informéiert huet, huet doropshin de Service informatique vum SRE beoptragt, Schwaachstellen am staatlechen informatesche Réseau z'identifizéieren an ze behiewen, wat och direkt geschitt ass. Datt dëst geschitt ass, gouf och vum Staatsbeamten confirméiert, wéi heen ugangs Juli 2020 de Staatsministère kontaktéiert huet fir nach eemol op séng Aktioun hinzeweisen a mat Nodrock ze bekräftegen, datt heen e Posten beim SRE wéilt kréien.

Doropshin gouf de Comité ministériel du Renseignement a sénger nächster Sëtzung vum 13. Juli 2020 vun dëser Démarche an d'Bild gesat. Well am Juli keng weider Sëtzung vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun ugesat war, huet nach deen nämlechten Dag d'Direktrice vum SRE all d'Memberen vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun vum SRE ugeruff fir si iwwert déi Démarche z'informéieren. Deemno sinn all d'Kontrollorganer, déi d'Gesetz iwwert den SRE virgesäit, en temps utile iwwert déi Démarche informéiert ginn.

De 14. Juli 2020 krut besote Staatsbeamten en offizielle Bréif mat engem Refus wat seng spontan Kandidatur betrëfft.

Enn Juli 2020 kontaktéiert de selwechte Staatsbeamten ob en Neits den SRE am Kader vun enger Publikatioun vun engem Posten um Site www.govjobs.lu. Hien kritt ugangs August 2020 d'Äntwerten vum SRE ob seng Froen an deem Kontext. Doropshin reecht hie seng Kandidatur an.

Mëtt September 2020 kontaktéiert de Kandidat den SRE fir ze froen ob hien fir de Posten zeréckbehalen gin ass.

Ugangs November 2020 gëtt dee selwechte Staatsbeamten an engem Reportage vun RTL zitiert an deem seng Vue vun de Fait'en présentéiert.

D'Identitéit vun de Matarbechter vum SRE muss am Exercice vun hirer sensibler Missioun am Déngscht fir déi national Secherheet beschtméiglech geschützt ginn. D'Regierung schafft permanent dorun, deem Rechnung ze droen.

D'Lëscht, déi vu besotem Staatsbeamten erstallt gouf, gouf dem Staatsministère net kommunizéiert a se gouf och net publizéiert. De Staatsministère huet de Parquet deemno och net saiséiert.